UNO – 13.09.2018

Hues du dech och schonn eemol gefrot, wéi dat géif ausgesinn, wann all d'Länner vun der Welt zesumme komme géifen, fir gemeinsam d'Problemer an der Welt ze léisen? Dat, wat am noosten dodru kënnt, ass d'UNO.

Mee: Wat ass eigentlech genee d'UNO?

UNO steet fir United Nations Organisation. Et ass d'Organisatioun vun de Vereenten Natiounen, en Zesummeschloss vun aktuell 193 Staaten. Et gehéieren also bal all Länner vun der Welt zu der UNO, déi eben och UN oder Vereenten Natiounen genannt gëtt.

„Mir, d'Vëlker vun de Vereenten Natiounen – fest entschloss, künfteg Geschlechter virun der Gäissel vum Krich ze beworen, déi zweemol an der Zäit vun engem Mënscheliewen onsoobaart Leed iwwer d'Mënschheet bruecht huet, (…) hunn entscheet, an eise Beméiunge fir d'Erreeche vun dësen Ziler zesummenzewierken."

Mat dësem Saz fänkt d'Charta vun de vereenten Natiounen un. Dëst ass en internationale Vertrag, deen 1945, kuerz nom Enn vum 2. Weltkrich zu San Francisco, vun den Delegéierten aus 50 Länner, eestëmmeg entscheet an och ratifizéiert gouf.

Wann ee Staat wëll Member ginn, muss e bereet sinn, dës Charta ze respektéieren. Si definéiert wichteg Prinzipie vun den internationale Bezéiungen. Zum Beispill sollen d'Memberstaaten:

- internationale Fridden a Sécherheet sécheren,
- frëndschaftlech Bezéiungen tëschent de Staaten entwéckelen,
- Problemer international léisen an de Respekt vun de Mënscherechter stäerken,
- souwéi de Mëttelpunkt sinn zur Harmoniséierung vum Staatenhandelen.

D'UN huet vill Ënnerorganisatiounen, wéi zum Beispill d'UNESCO. (Zu der Unesco gëtt et och e Podcast).

Eng Partie vun dësen Ënnerorganisatiounen, wéi och d'UN selwer, hu fir hir Aarbecht schonn ee Friddensnobelpräis kritt.

All Länner hunn och Vertrieder an der Generalversammlung vun der UN. D'Generalversammlung huet eng Berodungsfunktioun a ka just Resolutioune stëmmen, déi rechtlech net verbindlech sinn.

De Sécherheetsrot ass deen eenzege Gremium, dee fir all Staate verbindlech Resolutiounen entscheede kann. De Sécherheetsrot besteet aus 15 Membere – 5 fester, déi ee Veto-Recht hunn an 10 Memberen, déi jeeweils fir zwee Joer gewielt ginn. Lëtzebuerg hat vun 2013-2014 ee Sëtz am Sécherheetsrot.

Mee wichteg: D'UN ass keng Weltregierung an se bestëmmt och keng Gesetzer. Se stellt nëmme Mëttel zur Verfügung, fir international Konflikter ze léisen an a bestëmmte Beräicher Moossnamen ze treffen.

POLITIKLEXIKON

Dat sinn ëmmer global Problemer. Sou treffe sech d'Staaten zum Beispill fir iwwer Moossnamen ze verhandelen, déi de Klimawandel betreffen.

Et gëtt och Kritik un der UN an hire Strukturen, virun allem um Sécherheetsrot. Fest Membere sinn déi Länner, déi den 2. Weltkrich gewonnen hunn. Dës Zesummestellung wierkt hautdesdaags oft schwéier nozevollzéien a problematesch. Ausserdeem ass am Sécherheetsrot de Muechtmëssbrauch duerch Vetokraaft méiglech an oft gëtt dësen als net wierklech demokratesch kritiséiert. Trotz enger Partie Versich, sinn dës Mëssstänn bis haut net behuewen.

D'UN ass allerdéngs déi eenzeg Organisatioun, déi universell akzeptéiert gëtt, souguer wa verschidde Staaten keng demokratesch gewielte Regierung hunn.